N°572
Entrée le 04.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Gesetz vum 8. Mäerz 2018 *relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière* reegelt mam Artikel 26 d'Aufgaben an d'Missiounen vum sougenannte Comité d'éthique, iwwert deen all Spidol verfüge muss. De Comité d'éthique huet innerhalb vum Spidol ganz wichteg Aufgaben a Missiounen ze erfëllen.
Esou verfüügt natierlech och den CHL iwwert ee Comité d'éthique. Op der Website vum CHL ginn d'Missiounen an Aufgabe vun dësem beschriwwen an et ginn d'Presidentin, de Vize-President an d'Sekretärin vum Comité genannt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Aus wéi ville Membere besteet de Comité d'éthique vum CHL insgesamt a firwat ginn net alleguer d'Membere vum Comité op der Website genannt?

2. Wou steet dëse Comité am Organigramm vum CHL respektiv ass en der Direktioun ugegliddert oder handelt et sech ëm eng Cellule libre?

3. Wat sinn d'Konditiounen, fir kënne Member vum Comité ze ginn? Ginn et Incompatibilitéiten?

4. Wéi vill Avisen huet de Comité d'éthique pro Joer geschriwwen? Wou kënnen dës Avisen nogekuckt ginn?

5. Wéi eng Schrëtt kann eng Persoun ënnerhuelen, wa si sech beim Comité d'éthique wéinst engem Problem mellt, vun dësem awer keng Äntwert kritt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten